

# Clubinternt Reglement vun den Schanzer Fëscherfrënn. 01.04.2011

Datum: 01.01.2012

- 1 De Joresbäitrag ass 132 Euro.  
Memberzuel ass op 125 begrenzt, 80 Member Schanzer Fëscherfrënn an 45 Member ASV.  
Et muss ëmmer minimum e ganzt Joer am Viraus bezuelt sinn.  
De Bäitrag ass ëmmer den 1 Abrëll fälleg.  
De Betrag fir "Nët-Hëllef" bei eisen Botzaktiounen oder Organisatiounen ass op 50 Euro festgeluecht, an dat bis zum Alter vu 65 Joer, a gët mat der Cotisatioun verrechent.  
Et muss een minimum 2 x am Joer hëllef  
En eemolegen Bäitrag vun 120 Euro ass beim Antrëtt ze bezuelen.  
All Member muss eng Proufzäit vun 2 Joer absolvéieren. An deenen 2 Joer gëtt den neien Member nët am Komitee ugeholl, an de Komitee kann d'Memberschaft beim geréngste Mëssfalen ophiewen.  
Déi am Viraus bezuelten Cotisatiounen kritt de Member zréck iwwerwisen.  
a kréien vun den Schanzer Fëscherfrënn e Studentenpermis.  
Ass een vun den Memberen hiren Kanner aleng um Weier fir ze fëschen,  
muss hien sech mat séngem Studenteschäin ausweise kënnen .  
Kanner bis 16 Joer mussen a Begleitung vun engem Erwuessenen sinn.
- 2 Trëtt e Member aus dem Club, huet hien d'Recht nach esouvill Méint derbäi ze sinn ewéi hien am Viraus bezuelt huet.  
Ass en trëfftegen Grond fir den Austrëtt do an d'Cotisatioun réischt kiirzlech bezuelt,  
kann de Member, nodeem de Komitee agewëllegt huet, séng Jorescotisatioun zréckiwwerwisen kréien.  
Den eemolegen Bäitrag vun 120 Euro gët nët zréckbezuelt.
- 3 Jiddereen deen e gëltegen Permis vun den Schanzer Fëscherfrënn huet,  
därf mat Famill , Frënn a Bekannten op de Weier kommen, vun deenen därf awer nëmmen 1 (een) mat 1 (enger) Aangel fëschen, a muss am Besëtzt vum däitschen Permis sinn. Et soll awer net ëmmer dee selwechte sinn dee mat fësche kënnt.  
Och de Member därf dann nëmmen mat enger Angel fëschen  
Kanner déi mat fëschen zielen nët derzou, mussen awer ab 15 Joer och en däitschen Permis hunn.
- 4 Pro Permis vun den Schanzer Fëscherfrënn sinn 2 (zwou) Aangelen erlaabt.  
Dës Aangelen mussen op engem Stand ( Plaaz - a Reechwäit) leiën.  
Kanner déi mat fëschen zielen nët duerzou.  
Deejéinegen deen e mathëlt, därf nëmmen mat enger Aangel fëschen.
- 5 Nuetsfëschen ass verbueden
  - a Vum 1. November bis den 31. März därf nët gefëscht ginn vun owes 7 Auer bis 7 Auer mueres.
  - b Vum 1. Abrëll bis den 31. Oktober därf nët gefëscht ginn vun owes 11 Auer bis 5 Auer mueres.
- 6 An Däitschland ass d'Fëschen mat gefierften Mueden , gefierften Pinkys a mam gefierften Fudder verbueden.
- 7 D'Fëschen mam liewechen Fësch ass och verbueden.
- 8 Schounzäiten

Hiecht	15.02 - 30.04	
Zander	01.04 - 31.05	
Stör	dat ganzt Joer	Beim Fang w.e.gl. schounend zrécksetzen.
Kazewels	därf net zréck gesat ginn !!!	
- 9 Moossen

Hiecht	50 cm
Zander	45cm
Schlei	25cm
Laangfësch	50cm
Kaarp	35cm
- 10 Mir halen eis un dat saarlännescht Fëschereigesetz.

- 11 Pro Permis dürfen pro Daag 2 Hiecht, oder 2 Zander oder 2 Frellen oder 1 Hiecht an 1 Zander oder 1 Hiecht an 1 Frell, oder 1 Zander an 1 Frell gefaang ginn. All déi anner Fësch sinn nët limitéiert.  
Wa festgestallt gëtt, dass iwwerdriwwen vill Routa oder aner Fësch mat Heem geholl ginn, kënnen déi zwee Komiteeën eng Begrenzung festleeën.  
Ët darf kee Member sech um Fëschen beräicheren, d.h. et dürfen keng Fësch verkaaft ginn
- 12 D'Bootsfëscherei ass erlaabt, sollten awer bisobeemol zevill Booter um Weier leien gët dësen Punkt vum Komitee nei bestëmmt.  
Um Weier leien de Moment dräi privat Booter, dës ginn mam Numm vum Besëtzer vermierkt, a mat enger Ketten mat Nummerschlass op deër Plaaz déi fir së virgesinn ass ugestréckt.  
All Schlass kritt dee selwechten Code an dësen gët all Member matgedeelt.  
Jiddereen darf d'Booter benotzen, muss ët awer un de Besëtzer oofrieden wann dee kënnt, a muss ët nom Fëschen nees op deër selwechter Plaaz ustrécken.  
D'Booter sinn nët do fir Juxfahrten ze maachen an darf och kee Bootsfeischer déi aaner Fëscher stéieren.  
D'Besëtzer: Kauffmann Carlo, Niederweis Claude a Luc, a Lemmer Roger.
- 13 Campéieren rondërem de Weier ass nët erlaabt. Een- oder Zweemol Iwwernuechten ass nët campéiert.
- 14 Am Weier schwammen ass verbueden.
- 15 De Schwammverbued gëlt och fir d'Honn.  
Sinn nach aner Fëscher um Weier sinn d'Honn un der Léngt ze halen.
- 16 All Member ass gebieden de Weier proper ze halen.  
Wëllt een gebrauchten Saachen, déi een dohemm nët méi brauch, mat op de Weier bréngen, muss dat mat de Komiteeën oofgestëmmt ginn.  
Mir hun zwou Grillplaazen déi jiddereen darf benotzen a mir wëllen nët dass op all Eck eng nei Feierplaaz ugefaang gët.
- 17 An der Afahrt fir op de Weier ass eng Barrière mat engem Nummerschlass.  
Des Barrière muss all Member hannerun sech zou machen an d'Schlass nees anhänken, souwuel beim ran- wéi och beim erausfuehren.
- 18 Déi zwee Komiteeën kënnen Clubfëschen vun Gaaschtveräiner bei eis um Weier erlaben.  
D'Konditiounen fir dëst Fëschen kréien d'Veräiner am Virus matgedeelt.
- 19 Verstéisst e Member géint d'Statuten oder dëst clubinternt Reglement, kann de Komitee den Austrëtt beschléissen.
- 20 Eventuel begrënnten Reklamatiounen sinn schrëftlech un de President oder un e Komiteesmember ze riichten, fir dass de Komitee eng Entscheidung iwwert de gemelten Problem kann huelen.
- 21 Déi zwee Komiteeën kënnen jidderzäit Ännerungen um Reglement virhuelen, oder Ausnahmen erlaben.
- 22 Dëst Reglement trëtt den 01.01.2012 a Kraaft an annuléiert an ersetzt déi bis zu dësem Datum gëltege Geboter a Reglementer.

De Komitee Schanzer Fëscherfrënn